N°2920
Entrée le 23.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.09.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Thema vun der Elektromobilitéit ass grad méi wéi jee en wichtegt Thema an der Aktualitéit. Dozou goufen et och scho verschidde parlamentaresch Froen an der Vergaangenheet. An der Äntwert op meng Froen, schreiwen déi aktuell Regierungsmemberen, dass si vun de Virdeeler vun den Elektroautoen iwwerzeegt sinn (QP n°2459). Et fält awer op, dass zënter dem Amtsuntrëtt vun der CSV-DP-Regierung net méi Elektroautoen am Fuerpark vun de Ministeren ze fanne sinn a si weider op Plug-In-Hybriden, also Verbrenner, setzen.

D'EU-Kommissioun huet an enger Etüd am Joer 2024 festgestallt, dass Hybrid-Autoe méi Sprit verbrauchen, wéi dat, wat se uginn. De Rapport informéiert, dass d'Autoen am Schnëtt 20% méi Sprit verbrauchen an domadder méi CO2-Emissioune produzéieren, wéi dat, wat se uginn.

Wéi RTL.LU an engem Artikel vum 18te September feststellt:
*"De Probleem läit awer virun allem un der dacks falscher Notzung: Vill Automobilisten, déi den Hybridauto dacks als Firmenauto kréien, hunn d'Tendenz, d'Batterie net ze lueden, mee ze tanken. Doduerch, datt d'Gefier onnéidegt Gewiicht matschleeft, verbraucht et méi, de Chauffer muss méi tanken an d'CO2-Emissioune klamme méi héich, wéi et bei engem normale Verbrenner de Fall gewiescht wier.*
*[…] D'Zuele vun der WLTP baséiere sech op der Hypothees, datt d'Chauffere vun den Hybride wärend 80% vun der Zäit am Elektro-Modus fueren. A Wierklechkeet dierften et net méi wéi 26% sinn."*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng Auswierkungen huet d'Etüd op d'Zuele betreffend dem CO2-Verbrauch vum Fuerpark vun der Regierung?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

2. Wat ass den CO2-Ausstouss vum Fuerpark nom WLTP-Zyklus?
3. Wat ass den CO2-Ausstouss, wann een d'Berechnungen esou mécht, dass d'Hybride just wärend 26% am Elektro-Modus fueren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten